CHAMBERWALEN 2023

# Syvicol: 36 Propose fir déi nächst Legislaturperiod

25. Okt 2022 - 09:00

**De Syvicol fuerdert, datt d'Regierung d'Gemengen als Partner soll ugesinn. De Gemengesyndikat huet en vue vun de Chamberwale 36 Propose fir déi nächst Legislaturperiod op den Dësch geluecht.**

*Marlène Clement / cbi*



*Symbolbild Gemengenhaus. Foto: André Weisgerber*

De Gemengesyndikat fuerdert eng systematesch a formaliséiert Consultatioun, déi institutionaliséiert misst ginn, seet de Syvicol-President Emile Eicher.

## D'Gemenge méi an d'Boot huelen

Den CSV-Député-Maire vu Klierf wënscht sech sech, datt d'Gemenge bei alle wichtegen Decisiounen, déi d'Gemenge betreffen, fir Avis gefrot ginn.

Déi Decisioune sollen am Partenariat ëmgesat ginn, esou d'Fuerderung vum Syvicol. Dat wier bei der Pandemie scho gutt gelongen.

> *"Ganz dacks gi mir fir een Avis gefrot, mee bei der Ëmsetzung si mer dann net méi derbäi."*

## Subventiounen an Investitiounen upassen

Och d'Missioune vun de Gemengen an de Finanzement vun dëse Missioune si en Theema fir de Syvicol. Den Emile Eicher fuerdert en eenheetleche Subventiouns- an Investitiounssystem. All dës Subventioune missten "an der Substanz" d'selwecht behandelt ginn.

D'Subventioune sollen un d'Präisser vun haut, an net déi vu virun 20 Joer adaptéiert sinn. De Syvicol fuerdert "Plaffongen ofschafen, déi kee Sënn maachen".

## Méi Autonomie a Formatiounen

D'Gemenge wënsche sech och méi Autonomie. Si fuerderen ënner anerem net-affektéiert Fongen, also Gelder vum Staat, déi net fir eng präzis, mee fir generell Missioune kënne benotzt ginn.

Esou kéint een op lokal Begebenheete reagéieren, sou d'Vertrieder vum Gemengesyndikat.

Eng méi grouss Autonomie géif awer och méi Responsabilitéit bedeiten. Dofir misst een - wéi schonn d'lescht Joer an enger Prise de position vum Syvicol gefuerdert - eng Professionaliséierung vum Statut vum Elu communal ausschaffen.

Op Gemengenniveau misst ee sech nämlech mat ëmmer méi Gesetzer auseneesetzen, erklärt den Dan Biancalana, Vizepresident vum Syvicol. Fir de sozialisteschen Député-Maire vun Diddeleng si Formatiounen deemno wichteg: esou kéint ee säi Mandat mat deem néidegen a beschte Wëssen a Gewëssen ausüben.

Wichteg wier awer och, datt d'Mandatairen iwwer hir sozial Ofsécherung Bescheed wëssen, wéi zum Beispill d'Pensiounsrechter an d'Cotisation sociale.

## Konkret Proposen

Weider hätt de Syvicol gär, datt d'Recettë vun der geplangter neier Spekulatiounssteier op eidele Wunnengen an Terrainen de Gemengen zegutt kommen an net dem Staat.

Aner konkret Propose sinn d'Aféierung vun enger Gemengechamber, souwéi d'Limitatioun vun der Responsabilitéit, wann et ëm d'Sécherheet an de Schoule geet.

An der Mediathéik:

Aktuelles / 25. Okt 2022 - 08:08 / Marlène Clement

Lauschteren